MEGA

# « Deng Gemeng brauch dech - mir ënnerstëtzen dech »
# Formatioun fir Kandidatinnen a Kandidaten aus de Majorzgemengen

## About:

Am Kader vun der Ëmsetzung vum nationalen Aktiounsplang fir d'Gläichstellung tëscht Fraen a Männer fir d'Diversitéit am Niveau vun de Kandidaten an de Gemengen, déi ënner de Walsystem vun der relativer Majoritéit falen, ze encouragéieren, lancéiert de MEGA e Formatiounszyklus a punkto politescher Féierung fir Fraen, déi potenziell Kandidate fir d'Gemengewale vum 11. Juni 2023 sinn.
Dëse Formatiounszyklus wäert sech spezifesch op folgend Theme konzentréieren: politesch Kommunikatioun, Leadership, rhetoresch Kompetenze souwéi d'Reconciliatioun vum Privaten- a Beruffsliewen, Stressbewältegung an d'Schafe vun engem gënschtege Klima fir d'Gläichstellung vun de Geschlechter an der Politik.

### D'Schafe vum Personal Branding

- Seng politesch Positiounen sou wéi den eegene politesche Plang glafwierdeg opbauen
- Säin eegent Zil definéieren
- Seng Kommunikatiounsstrategie definéieren

### Gestioun vum Stress

- Quelle vum Stress identifizéieren
- Identifizéiere wat am Alldag hëlleft, Stress ze vermeiden
- Seng Erfarungen a säi Wëssen an der Gestioun vum Stress geziilt nëtzen
- Entspanungstechniken uwenne bei staarkem Stress

### Duerchsetzungsverméigen

- Op Aenhéicht begéinen
- D'Grondlage vun der Kommunikatioun léieren an applizéieren, fir esou seng eege Besoinen auszedrécken

### *Datumer*

- D'Schafe vum Personal Branding
**10.04 / 11.04 ab 17:30**
- Gestioun vum Stress
**17.04 / 18.04 ab 17:30**
- Duerchsetzungsverméigen
**24.04 / 25.04 ab 17:30**

Fir méi Informatiounen: egaliteitliewen@mega.etat.lu
Aschreiwunge bis de 5. Abrëll 2023 (limitéiert Plazen) op: egaliteitliewen@mega.etat.lu
Tél: 247-85822 / 247-85815 / 247-85823

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité entre
les femmes et les hommes